# Eng Par feiert?

**Zum Artikel "Eng Par feiert Eischtkommunion" vun der Par Rued/Sir hat ech (Persoun déi mat der gesamter Optioun nët averstanen as) folgend Iwwerleeungen gemaacht:**




Zeichnung: Groß

Schaut Kinder, das soll Brot sein. Habt ihr verstanden? Eigentlich soll es kein Brot sein.

## 1. FEIER AN ENGER PAR d. h. FEIER AN ENGER GEMEINSCHAFT VU GLEWENDEN

Wéini gehéire mir zu enger Par:
a) get et duer wann mir gedäft sin a nëmmen bei bestëmmte Fester an der Kirch opdauchen
b) oder gehéiert net dach awer een regelméissegt Sech-Treffen duerzou, wou een deen aneren stäerkt fir mateneen ze probéieren um Wee vu Jesus ze goen, wou et heescht am Alldag emzedenken a nei Denkschinen ze verlehen. Eleng kann een dat nët.
E Fest mat Kanner vun dëse Leit gët och vun der ganzer Gemeinschaft gedroen.

## 2. D'LEIT DO OFHUELEN, WOU SE STIN

Natiirlech soll an darf kee Mensch vun der bestehender Gemeinschaft fortgeschéckt gin a gesot kréien "et deed mer leed, mat dir kënne mir näischt ufänken". Dobei as vläicht ze bemierken, dat eng Gemeinschaft nom Virbild vu Jesus éier unzéiend, attraktiv, wiirke soll - hei versiche Leit zesummen eppes ze realiséieren, wat déi aner Leit vläicht opmierksam mécht, "do geschitt eppes, wat ech eleng net fäerdeg brengen". Wann e Mensch réel Intentionen huet, sech erëm der chrëschtlecher Gemeinschaft unzeschléissen, da steet him d'Dir och ëmmer op. Jesus huet zu senger Zäit dénen Onglewegen och ëmmer d'Hand gerecht, a wann si dann vun sénger Liewesastellung iwwerzegt waren, sin si och gedäft gin an et as Kommunioun gefeiert gin.... Si hun dann och versicht, op dém Wee virunzegoen. Sakramenter, Zeeche vu Gemeinschaft, sin also un 2. Plaz komm.

Jesus huet Sakramente wirklech nëmmen fir séng Gläichdenkend a Gläichgesënnten aagesat, ob arm oder räich, ob intelligent oder manner intelligent, jiddereen huet versicht, sou gudd hien et a séngem Alldag fäerdeg bruecht huet, deen een 1 Meter, deen

aneren 5 Meter ze goen. Haaptsaach jiddereen huet säi Bescht versicht. All dat misst a soll nach haut gëllen. As dat och haut nach an eiser Par de Fall, wou jo ongeféier 98 % vun de Leit gedäft sin? Sin eis Parleit vun haut wiirklech nach all op der Sich nom Wee vum Jesus? Wann dat wiirklech de Fall wir, da géifen vill Ongerechtegkeeten a Mëssstän, sief op sozialem, écologëischem a politischem Plang an eisem Land net bestoen. Mä dem as net sou, well et as vill méi einfach a vill méi bequeem säi Liewen zeman ouni de Jesus als Virbild. Chrëschtleche Glawen verlangt Asatz - nët zu séngem ägene Profit.

Déi Aarem am Glaf, si mir dat nët nach alleguerten? As d'Geld nët nach ëmmer eise Gott? Kuckt nët nach jiddereen zevill no sengem ägene Profit?
Chrëschten, no der Virstellung vum Jesus, kommen regelméisseg zesummen fir a Kommunioun ze sin - fir am Alldag ze praktizéiren. Dat eent get nët ouni dat anert. Mir brauchen eng Stäip, fir am Alldag ëmmer erëm nei ze probéieren, nei unzefänken.

## 3. LIEWEN - GLEWEN - FEIEREN

E chrëschtlecht Fest feieren steet also an direktem Bezuch zum geliefte Glaf vun all eenzel Famill, déi un dëser Feier deelhëllt.
As dat wiirklech an eiser Par de Fall? Mache mir eis do nët fir déi berühmte Kommiounfeier selwer eppes vir? Si mir wiirklech eens am Glawen, sin mir eng chrëschtlech Gemeinschaft am Sënn vum Jesus, mat all deene Leit, déi hirt Kand zur Kommunioun féieren? Dat as nët de Fall a mir missten eis als "soidisant" Praktikanten d'Fro stellen, ob eis Gemeinschaft iwerhaapt unzéiend, attraktiv as oder ob mir nëmmen e passive Glawen liewen, vun dem een an eisem Alldag näischt mierkt.
Leit, déi nëmmen an d'Kirch kommen bei bestëmmte Fester, well et do vläicht méi romantesch a feierlech zougeet, sollen sech déi Fro stellen nom Sënn vu esou engem Fest? Wat bedeit dat Fest fir si nach haut? Den Dafschäin, dée numol jiddereen onfräiwëlleg kritt huet (Babydaf), darf nët de Gratisbillet sin fir déi aner Fester: Kommunioun, Firmung, Hochzäit, Begriefnes.

Verléiert d'Kirch net u Glafwiirdegkeet dodurch, dat jidder Gedäfte, op Ufro beim Paschtouer, säi Fest organiséiert kritt, ouni dat hien zu enger chrëschtlecher Gemeinschaft gehéiert. As dat nët och vläicht eng Ursaach vun der Indifferenz.

Dobäi as awer ze bemierken, dat daat nët heescht:
E Chrëscht = E gudde Mënsch
an och nët
E gudde Mënsch = E Chrëscht.
Et kann e ganz gudd een engagéiert a gudd Liewe féieren ouni chrëschtleche Glawen.

Am Fall wou eng Famill réel Intentiounen huet, sech neess der chrëschtlecher Gemeinschaft unzeschléissen, geet et bestëmmt nët duer, nëmmen bei deene verschiddene Versammlungen vun der Virbereedung vum Fest derbäi ze sin. Ech denken, et wir besser, sech iwer länger Zäit der Gemeinschaft erëm unzeschléissen an eréischt no der Erfarong, dat dee Glawen hirem Liewen e neie Sënn get, Décisioun huelen, mat hirem Kand Kommunioun ze feieren. Dann huet déi Feier och säi richtege Sënn.

**R.M.**
**06.12.1988**

## Was ist NFP?

Die Methoden der Natürlichen Familienplanung (NFP) beruhen auf der Tatsache, daß eine Frau nur während wenigen Tagen im Zyklus fruchtbar ist. Durch die Selbstbeobachtung der Fruchtbarkeitszeichen, die jede Frau nach einer kurzen Einübungszeit bei sich selbst erkennen kann, lernt sie die fruchtbaren von den unfruchtbaren Tagen zu unterscheiden.

**Informationsabend**
Dienstag, den 14.3.1989
um 20.00 Uhr in MERSCH
Centre Paroissial

**Einführungskurse:**
5 Einheiten im Abstand von 2 bis 4 Wochen.
Beginn: 20.00 Uhr (1500 Flux)

1. Abend:
am Freitag, den 14.4.1989 in Ettelbrück
Maison Paroissiale, 2, rue du Canal
Anmeldung: Tel.: 85 91 14

am Mittwoch, den 12.4.1989 in Luxemburg
CPF, 3, place du Théâtre
Anmeldung: Tel.: 474544 oder 35 605

**Arbeitsgruppe NFP des Centre de Pastorale Familiale**